Echternach	11.45	Daffeier fir Alessio an Giuliano Enio Gonçalves Bertolini, Milena Thilmany
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Girsterklaus	16.00	Andacht
Echternach	18.30	Owesmass Jm Mathias Hauer



Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnst de 16. Juli eraus a geet bis de 24. September 2023.

Redaktiounsschluss 23. Juni 2023

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Sylvie Kinnen, Parassistentin , ☎ 26720022 📧 sylvie.kinnen@cathol.lu

Anise Metz, Parassistentin , ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 📧 iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer

oder op Rendez-vous

iwwer Telephon si mir ereechbar.

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer

(de Büro ass zou an de Schoulvakanz)

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer



Um Internet:

eist **Parliewen** fannt Dir op: cathol.lu/iechternach
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: basilika.lu

Bibelowender

Mir liesen d'Matthäusevangelium

An 12 Owender verdéiwe mir déi eenzel Abschnitter vum Matthäusevangelium.
D'Participants sinn invitéiert, de jeweiligegen Text doheem ze liesen, als Préparatioun.

Méindes vun 19.30 - 21.30 Auer

Veräinshaus (passage des Demoiselles, Iechternach)

Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofesser
zesumme mat enger Aarbechtsgrupp

Bibelowender:

22. Mee	Mt 4,17-7,28	25. September	Mt 16,21-20,34
05. Juni	Mt 8,1-11,1	09. Oktober	Mt 21,1-22,14
19. Juni	Mt 11,2-13,53	23. Oktober	Mt 22,15-26,1
03. Juli	Mt 13,53-16,20	13. November	Mt 26,1-27,54
		27. November	Mt 27,55-28,20

Umeldung fir d'Bibelowender

Numm/Virnumm _____

Mail-Adress _____

Telefon _____

*Ech melle mech un a sinn averstanen, datt meng Donneeën
exklusiv fir d'Organisatioun vun de Bibelowender benotzt ginn.*

Ënnerschrëft _____

Ofginn oder mailen un:

iechternach@cathol.lu | Parbüro Iechternach 12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach



Springprozession 2023

Gemeng Lënster

Lënster spréngt bei der Nummer 25 "Pilger aus der Gemeng Lënster", d'Musiker vu Lënster, aus der Buerg a vun Hueschtert begleeten eis. Och dëst Joer ass kee spezielle Pilgerbus virgesinn.

Erinnerungstücher

Auch in diesem Jahr können Erinnerungstücher zum Preis von 4€ gekauft werden. Gruppen die eine grössere Anzahl Tücher bestellen möchten, können diese per Mail bestellen: willibrord@cathol.lu. Sie erhalten dann die Tücher zum Vorzugspreis von 3,00 €. Die Tücher können im Pfarrbüro, 12, porte St Willibrord, Echternach abgeholt werden, oder stehen am Tag der Springprozession zum Abholen im Abteihof bereit.



Pilgermenü

Im Refektorium der früheren Abtei (1. Stock) wird ein Pilgermenü ab 11.45 Uhr angeboten. Da dies nur bei Selbstbedienung geschehen kann, wird es nicht möglich sein, Plätze für Gruppen zu reservieren. Des weiteren werden ab 10.00 Uhr in der Cafeteria des Internats kalte und warme Getränke sowie Snacks angeboten (Zugang im unteren Abteihof, zwischen den beiden Treppenaufgängen).

Verkaufsstand im Info-Zenter

Am Tag der Springprozession ist der Verkaufsstand im Info-Zentrum über die Springprozession ab 9.00 Uhr geöffnet. Hier können Sie die BD über das Leben des Hl Willibrord kaufen, sowie Kerzen, Kreuze, Medaillen, Rosenkränze u.v.a....



D'Kierch vu Präiteler (Braidweiler)

Wann ee vu Kolwent hier kënnt, da gesäit een d'Kierch vu Präiteler scho bal majestéitesch op fräiem Feld stoen. Si gouf 1881 gebaut an huet als Patroun den hellegen Hubertus.

Präiteler gëtt allerdéngs scho ganz fréi an den Dokumenter erwäant. 1570 ass am Visitationnsberriicht festgehalten, dass zu Präiteler reegelméisseg all véierzéng Deeg ee Gottesdéngscht an der Woch sollt sinn. D'Kapell, déi 1570 bestanen huet, war net op der Plaz vun der haiteger Kierch. Si stoung um Kierfecht méi ënnen am Duerf. Do steet och bis haut den alen Tuerm. Déi al Kapell war wuel engersäits ze kleng an si war och warscheinlech an engem net ganz gudden Zoustand. Schonn 1772 war bäi der Visitation ugemierkt ginn, dass den Daach, dee mat Stréi gedeckt war, misst erneiert ginn, soss géif verbuede ginn, an der Kapell Gottesdéngschter ze feieren.

Präiteler hat bis Ufanks der 60er Joren ee Kaploun, deen och am Kaplounshaus niewent dem Kierfecht gewunnt huet. D'Haus ass



vun der Kierchefabrick an den 80er Joren verkaaf ginn. Een Deel vum Erléis ass deemools gebraucht ginn fir d'Uergel vun der Konsdrëffer Kierch ze erneieren.

Interessant ass och, dass Präiteler 1803 eng eegestänneg Par gi war. Dozou hunn d'Dierfer Präiteler, Kolwent, Altréier, Heeschbreg a Kobenbour gehéiert. Des Parorganisatioun huet awer nëmmen bis 1805 bestanen. Duerno war Präiteler erëm Filial vu Konsdref.

1881 ass des Kapell ofgerappt an déi nei Kierch gebaut ginn. Deemools sinn Iwwereschter vu réimesche Maueren fonnt ginn. Ongeféier aacht sculptéiert Steng waren do derbäi. Dräi vun dese Steng sinn am Ënnerbau vum Héichaltor vun der aktueller Kierch agesat ginn. Den Antependium vum Altor léist sech opklappen. Sou kann een sech des Steng och haut nach ukucken.

An der neier Kierch ass am Héichaltor uewen an der Kroun eng Hubertusgrupp, mat Hubertus, Päerd an Hirsch mat Kräiz am Gewei opgestallt ginn. Des Hubertusgrupp gouf allerdéngs an den 70er Joren geklaut. Enn vun den 90er Joren ass ëmmer méi d'Iddi opkomm, dass d'Kierch, déi jo awer schonn iwwer 100 Joer al gi war, misst vu Grond op restauréiert ginn. 2002 war et esou wäit. D'Kierch ass sanéiert ginn, eng nei Heizung ass agebaut ginn, een neien Ustrach an eng nei Beliichtung si gemaach ginn. Mat Spenden ass deemools och eng nei Hubertusgrupp fir den Héichaltor maache gelooss ginn. Op der Basis vun ale Fotoen ass des nei Hubertusgrupp an engem Atelier am Schwarzwald der eemoleger nogeschnëtzt ginn.

Den 30. Mäerz 2003 war d'Kierch vu Präiteler fäerdeg an den Äerzbëschof Fernand Franck huet mat de Leit aus dem Duerf eng feierlech Houmass gefeiert.

Foto: Tom Osborne | Text: Carlo Morbach



„Johny Geisen, en engagéiert Liewen a Brasilien“

- **Ausstellung, Buch a Soirée** -

vum Grupp Brasilux (www.brasilux.lu)

a Kooperatioun mat der „Por Regioun Iechternach“

a mat „Solidaresch Aktioun Echternach“ (www.solidar.lu)

De Pater Johny Geisen (SCJ), dee leider viru sechs Joer vun eis gaangen ass, war bis zu Lescht den Ambassadeur vun deenen Aarmen, fir déi hien e Liewe laang do war. A Brasilien hat hie gehollef, den MCP (Mouvement des Communautés Populaires) ze grënnen. Dës Bewegung funktionnéiert no de Prinzipie vun der Basisdemokratie an dem deeglech geliefte Chrëschtentum, a probéiert esou eng solidaresch a gerecht Welt opzebauen.



Duerch säi Wiesen, säin Engagement, a virun allem duerch seng perséinlech Iwerzeegungen huet hien et fäerdeg bruecht, vill Leit ze bewegen.

De Pater J. Geisen aus dem Réiserbann war dacks zu Besuch bei der „Solidaresch Aktioun Echternach.“

D' **Buch** „Père Johny Geisen SCJ“ beschreift dem Johny säi Liewen an Engagement a Brasilien. Et kann een et kafen am Shop vun der Basilika oder et bestellen bei Brasilux.

D' **Ausstellung** an der Basilika vum **20.5.-11.6.2023** weist konkret Léisunge vum MCP op seng villfälteg Problemer.

Soirée-Témoignage

„De Pater Geisen an den MCP – Eng nei Form vu Kierch!?“

Mëttwoch, de 7. Juni um 19.30 Auer an der Basilika

Duerno e Patt mat kleng brasilianesche Spezialitéiten

Härläichendag 2023

Härläichendag ass e besonnescht Fest vun eisem Glawen. Mir hunn op dräi Plazen eng Prässessioun.

- **Samschdes, den 10. Juni zu Bur**
- **Sonndes, den 11. Juni zu Eechernoach**
- **Sonndes, den 11. Juni zu Rouspert**

Mir invitéieren Iech ganz häerzlech fir mat eis ze feiern, d'Haiser ze rëschten an d'Fändelen erauszehänken.

Bur

Samschdes, den 10. Juni feieren mir d'Mass um 19 Auer an der Kierch zu Buer, duerno geet d'Prässessioun duerch d'Schlass- an Duerfstrooss laanscht déi verschidde Kapellen aus dem Duerf erëm an d'Kierch zrëck, wou de Schlussege gespent gött.

Opstellung

Massendinger mam Kräiz, Pompjeeën, Musik, Gesangveräin, Kanner, a Kommiounskanner, Massendinger, Allerhellegst, Autoritéiten, d'Leit all

D'Kommiounskanner aus der Burer Schoul huelen, wéi et Brauch ass, an hirem festleche Kommiounsgezei un der Mass an un der Prässessioun deel. D'Kommiounsmeedercher vun dësem, allerdéngs och déi aus deenen zwee leschte Coronajoeren sinn invitéiert an hirem festlechen Gezai Blummen ze streeën. Si treffen sech um 18.30 Auer.

Blummebléie gi gebraucht fir d'Streekanner: Vu Freides u steet e Kuerf an der Kierch fir d'Bléien aus Gaard a Flouer ofzeginn.





Eechternoach

Sonnes, den 11. Juni feiere mir um 9.00 Auer d'Mass an der Basilika. Duerno geet d'Prëssessioun dee selwechte Wee, wéi déi läscht Joeren. De sakramentale Segen ass bei den Altär vum Dechenshaus (rue de la Montagne), um Moart (Place du Marché), bei der aaler Jugendherberg (rue André Duchscher) an an der Basilika, wou den Ofschloss ass.

Opstellung

Massendénger mam Kräiz, Harmonie municipale, d'portugiesesch Kommunitéit, d'Statu vum der Tréischterin, d'Schoul-an d'Kommuniounskanner, Massendénger, dat Allerhellegst, Basilika-Chouer an d'Leit alleguer.

D'Kommuniounskanner vun de Gemengen Bech, Befort, Berdorf, Consdorf, Gonnereng, Hemstal, Iechternach a Lënster sinn invitéiert matzefeieren. Si kommen mat hirer Famill an hire Frënn an d'Mass a ginn duerno mat an der Prëssessioun.

Rouspert

Mir feieren d'Mass **Sonnes, den 11. Juni** em 9.30 Auer an der Kierch, duerno geet d'Prëssessioun den Tudorsbeerg erof bis bei de Kiosk, da laanscht de Kierfecht zrëck bis an virun d'Kierch, wou et dëst Joer um Irminebuer de Schlusseggen gétt.

Opstellung

Massendénger mam Kräiz – Pompjeen – Muttergottesfändel – Meedercher an Dammen – Musik – Männergesangveräin – de Kannerfändel – Kanner a Kommiounskanner – Massendénger – Allerhellegst – Autoritéiten – Männer – de Mëchelsfändel

D'Kommiounskanner aus der Schoul Rouspert huelen, wéi et Brauch ass, an hirem festleche Kommiounsgezei un der Mass an un der Prëssessioun deel. D'Kommiounsmeedercher sinn invitéiert an hirem festlechen Gezai Blummen ze streeën. Si treffen sech um 9.00 Auer.

Blummebléie gi gebraucht fir d'Streekanner: Vu Freides u steet e Kuerf an der Kierch fir d'Bléien aus Gaard a Flouer ofzeginn.

Firmung 2023

Freides, de 7. Juli um 18.30 Auer ginn an der Basilika 28 Jonker vum Kardinol Jean-Claude Hollerich während der Mass gefirmt.



**Vergiesse mer net, eis jonk Frënn am Gebiet
an an eise Gedanken ze begleeden!**



Viens, Esprit du Père,
sois la lumière,
fais jaillir des cieux
ta splendeur de gloire.

Viens, onction céleste,
source d'eau vive,
affermiss nos cœurs
et guéris nos corps.

Esprit d'allégresse,
joie de l'église,
fais jaillir des cœurs
le chant de l'Agneau

Fais-nous connaître
l'amour du Père,
et révèle-nous
la face du Christ.

Témoin véridique,
tu nous entraînes
à proclamer:
Christ est ressuscité!

Liestipp...

Karin Schneider-Ferber Kaiser Heinrich II. und Kunigunde. Das heilige Paar

Verlag Friedrich Pustet, Regensburg 2022,
160 Seiten, 14,95 €.



An eiseum Lëtzebuenger Kalenner vun den Hellegen vun der Diözës hu mir nëmme ganz wéineg Fester vun Hellegen, déi eng besonnesch Bedeitung fir Lëtzebuerg hunn: Irmina, Tréischterin, Heinrich II. a Kunigunde, Schetzel, Lambertus, Hubertus, Willibrord. Ech hat duerch Zoufall d'Buch vum Karin Schneider-Ferber entdeckt. Et ass an der Serie „kleine bayrische Biografien“ erschéngen. Sécher kuckt d'Buch dofir och éischter aus der grousser Perspektiv vum

Keeserräich an dem däitschen Adel am Mëttelalter. Erstaunlech ass et dann dach, dass den Heinrich II. an d'Kunigunde déi eenzeg Herrscher sinn, déi bis haut am Kalenner vun den Hellegen stinn an och bis haut duerch veréiert ginn. Et lount sech deemno aus historescher më och aus kierchlecher Siicht des Herrscher ze betruechten.

Et fänkt schonn domat un, dass ee kann driwwer spekuléieren, wie sou den Heinrich d'Kunigunde bestuet huet. Si koum jo eigentlech aus enger Famill vu Grofen a war deemno dem Stand no vill méi niddereg wéi den Heinrich. War et echt Léift, déi déi zwee zesummegeféiert huet oder hunn trotzdeem och d'Relatiounen vun der Kunigunde mat de Karolinger eng Roll gespilt? Villes ass net ëmmer an der Geschicht esou kloer. Interessant ass et allerdéngs, fir sech mat Hëllef vun esou bekannten Perséinlechkeeten an eng vergaangen Zäit entfëieren ze loossen. D'Spillereien ëm d'Muecht, d'Streidereien an de Familljen an téschent eenzelnen Herrscher hei an Europa loossen een an eng Welt andauchen, déi wuel engersäits friem ass, déi dann awer och am Verglach zu haut net ganz esou vill anescht ass.

Ganz gutt kann een an dësem Buch de Wee vun dësen zwee Hellegen matverfollegen. Niewent deem, dass si fir déi Zäit normal Herrscher waren an esou och Villes ze verantworten haten, wat vläicht net ëmmer esou dichteg war, hunn si dann awer vill Guddes geleescht. Fir d'Kierch vun der Zäit waren si wichteg Leit, déi munches ugestouss a beweegt hunn. Niewent Grënnungen vu Kléischer, ginn och Kierchebauten vun hinnen ugereggt. D'Bistum Bamberg ass eng Initiativ vun hinnen. Am Doum vu Bamberg sinn si an engem groussen gemeinsamen Graf begriewen.

Mech huet dëst Buch ugereegt, well et iwwer Helleger beriicht, déi an eisem Lëtzebuurger Kalenner vun den Hellegen speziell erwäant sinn a well d'Kunigunde aus der Famill vun de Lëtzebuurger Grofe kënnt. Wa mir schonn an d'Geschicht kucken, da kann een sech jo och alt mol eng kéier mat Personagen befaassen, déi mat eisem klengen Land eppes méi ze dinn hunn. Eng Lëscht vu Quellen a Literatur vu 4 Säiten ronnt dëst spannend Buch of.

Stephanie Höllinger

Stephan Goertz

Sebastian

Märtyrer, Pestheiliger, Queere Ikone

Verlag Herder, Freiburg 2023, 238 Seiten, 30,-€.



D'Sebastianskapell an d'Sebastianskiermes dierften bal jidderengem zu lechternach bekannt sinn. Awer wien ass dee Sebastian, deen esou grouss veréiert gëtt? Säin Numm ass fir d'éischt an engem

Kalenner-Handbuch aus dem Joer 354 iwwerliwwert. Allerdéngs ass näischt Historesches vun him bekannt. Den hellegen Ambrosius seet an enger Priedegt zum Gedenktag vum Hellegen (386/388), dass de Sebastian wuel aus Mailand géif kommen an de Märtyrerdoud zu Roum erlidden hätt. D'Legenden iwwert hien entstinn laang duerno. Sou Legenden soen allerdéngs dann éischter eppes iwwer d'Zäit an d'Leit aus, wou si entstane sinn. De Sebastian bleift wuel oder iwwel ganz verstoppt an der Geschicht.

An engem éischte Kapitel versicht den Stephan Goertz d'Entstoen vun dem Kult ëm de Sebastian opzehellen. Vill interessant Detailer kann een hei gewuermginn. Si baséieren op seriéisen Recherchen a féieren een an an déi dach interessant Geschicht vun der Veréierung vun dësem Hellegen.

An engem zweete Kapitel geet d'Stephanie Höllinger op d'Veréierung vum Sebastian an, déi an der Zäit vun der Renaissance eréischt esou richtig ufänkt. Am Stuttgarter Psalter fënnt sech am 9. Joerhonnert eng éischt Duerstellung vu sengem Martyrium, wou hien mat Feile beschoss gëtt. An de Joren vun der grousser Peschtedemie 1347-1352 gëtt de Sebastian dann zum Hellegen, deen ugeruff gëtt fir an dëser schwéierer Krankheet de Mënsche bäizestoen. Minutiéis gëtt grad dësen Aspekt vun der Veréierung als Peschthellegen opgeholl. Vill interessant Einzelheeten aus der Geschicht maachen engem de Wee däitlech, firwat de Sebastian esou grouss veréiert gouf.

D'Buch bleift awer dann net bäi der Geschicht stoen. Am drëtte Kapitel „Ikone der Außenseiter. Moderne Begegnungen mit Sebastian“ geet de Stephan Goertz op, ech géif gäre soen, méi manner fromm Duerstellungen vum Sebastian an.

D'Duerstellung vum Kierper vun engem jonken a perfektem Mann stinn do am Vierdergrond. Et ass net ze verkennen, dass déi modern Konscht och hei vill Aspekter erausschiet, déi ee ka bedenken.

Wat fréier d'Pescht war, ass haut den AIDS. De Sebastian gëtt dofir och Enn vum 20. Joerhonnert zu enger AIDS-Ikone. D'Feilen, déi hien ëmbréngen, sinn elo de Virus an och déi diskriminatoresch Bewäertungen vun deene Kranken. Dëst Kapitel weist gutt, wéi esou een anticken Hellegen och a moderner Zäit eng Symbolfigur gëtt, wou een säi Misär an och seng Hoffnungen kann drop projezéieren.

Interessant, vläicht och provokativ ass dat klengt 5. Kapitel iwwer de Muhammad Ali als Sebastian. 1968 hat sech den Ali als Sebastian fotograféiere gelooss. Hien huet sech als ee Verfollegten gesinn genee

esou wéi de Sebastian.

Dat lescht Kapitel kennt erëm zeréck an de Beräich vun der Kierch a vun der Veréierung vun den Hellegen un sech. Hei ginn eng Rei Aspekter vum Hellegen fir eis Zäit zesumme gedroen. Hie kann als e moralescht Virbild gëllen. Och haut maache Mënschen Erfarungen vu Leed a Verfolgung. Awer dat muss net zur Resignatioun féieren. „Sebastian bringt die Ambiguität einer Existenzweise zum Ausdruck, welche um ihre bleibende Bedrohung weiß, sich dieser aber nicht in blinder Ergebenheit unterwerfen will.“ (S. 167). Vläch ass grad déi Feststellung eng vun deene Wichtigsten fir d'Verständnis vun dësem Hellegen. Wäertvoll ass et jiddefalls dëst Buch ze liesen an een alen Hellegen nei fir eis Zäit ze entdecken.

Carlo Morbach

Lourdeswallfahrt fir Gesond a Krank vum 19. bis den 25. Juli



Eng Pilgerrees mat der Äerzdiözes Lëtzebuerg komfortabel am direkten TGV Metz-Lourdes fir am Glawe gestärkt ze ginn a nei Kraft fir den Alldag ze fannen.

Um Programm: Gemeinsam Gebiedsmomenter an der Lourdesgrott, Massfeier, Krankensalbung, Beichtfeier, Sakraments- a Liichterpréssessiounen vum Sanctuaire, Zäit fir stëll Besënnung a Gesellegkeet, présidéiert vum Mgr Leo Wagener.

Wallfahrtsriedeger ass den Abbé Luc Schreiner. D'Krankewallfahrt gëtt vun engem Dokter an de Foulards Blancs betreit.

Weider Informatiounen an Umeldung:

Valid Pilger: Pilgerbüro, Tel 436 051-379
(Do + Fr 8-12h), pelerinages@cathol.lu

Krankewallfahrt:

Marie-Claire Rasqué, Tel 23 620 720



10 Jar Chorale Berdorf-Consdorf 2013-2023

Sonndeg, den 18. Juni 2023 um 20 Auer
an der Kierch zu Konsdorf

CONCERT

César Franck: Psalm 150
Gabriel Fauré: Cantique de Jean Racine
W. A. Mozart: Kréinungsmass KV 317
Exsultate jubilate, Laudate Dominum

Chorale Berdorf-Consdorf
Ensemble Vocal Ambitus
Orchester Estro Armonico

Solisten:

Véronique Nosbaum, Manou Walesch,
Marc Dostert, Franz Schilling

Dirigent : Roby Schiltz

Dëst & dat...

Päischtméideg zu Präitler (Braidweiler)

No der Houmass zu Präitler
op **Päischtméideg, den 29.05.23**
invitéiert d'Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf Iech
alleguer nach e wéineg zesummen ze sinn
an eis Gemeinschaft ze feieren.

Bäi engem Patt kënnen mir schwätzen
an eis austauschen
a ganz einfach eist Chrëschtsinn deelen.



Communauté portugaise

Durant le mois de **mai** prière du chapelet,
tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.



Klibberen 2023
Konsdref - Kolwent - Präitler

**Villmools MERCI fir
all Ënnerstëtzung
an Är léif Gesten!**



massendengerconsdorf@pt.lu

D'Klibberkanner aus der Buerg

hunn 200 € fir d'Basilika gesammelt.
En häerzleche Merci!





D'OEUURES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l

ënnerstëtzt

D'SCHOULSAK-AKTION

vum 01. – 20. 07.2023

vun der

KANNER- A FAMILJENHËLEF a.s.b.l.

RCS: F10515

Siège social:

7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tel. : 661 309 320

CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



Aarm Kanner a Rumänien an an der Ukrain brauche fir de Schoulufank

1 Schoul- oder Rucksak mat Schoulmaterial:

2 Hefter	Schachtel mat 4 Bläistëfter	2 Bicken
Spëtzer	Radéiergummi	nei Stëfter an Holzfaarwen
Molbuch	Notizblock	Lineal (30 cm)
Bastelschéier	Mutz	Schal
Händschen	waarm Strëmp	Zännbiischt an Zännseef
Tut Kamellen	Kuscheldéier	kleng Spillsaach

Dir kënt all Aarte vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn oder en Don maache fir e Schoulsak mat Schoulmaterial ze fëllen (50 €)

All Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken oder Schoulmaterial ze kafen ass wëllkomm.

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand:

Kannerspillsaachen	Kannervëloen	Kannerkleeder
waarm Decken	Babybetter mat Matrass a Gedecks	Kannerbuggyen
komplett Kannerkutschen		

Mir soen lech am Virus e ganz häerzleche Merci.

Sammelplazen:

Famill ORIGER 56, op der Hicht L-6212 Konsdref Tel.: 79 08 09 / 691 79 08 09

Parbüro 12, porte St Willibrord, L-6486 Echternach: Tel 720 149



UergelPunkt 12

Basilika - Freides 12h00-12h30

26.05.	Jos Majerus
02.06.	Jehanne Strepenné (Gei) a Rosch Mirkes (Uergel)
09.06.	Netty Glesener (Perkussioun) a Pierre Nimax (Uergel)
16.06.	Ilona Waidosch (Gesang) a Berthold Mai (Uergel)
30.06.	Manou Walesch (Gesang) a Jos Majerus (Uergel)
07.07.	Thomas Diedrich

Quête à la Sortie

Echternacher Orgelsommer

Der Echternacher Orgelsommer 2023 findet statt **vom 28.7. bis 18.08.**
jeweils Freitags um 20.00 Uhr.

28. Juli Jos Majerus (L)

04. August Thorsten Pech (D)

11. August: Krzysztof Ostrowski (PL)

18. August: Stefan Madrzak (D)



Espace
Jeunes

Gottesdénsgchter fir Kanner

- **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- **Rouspert** an der Kierch, all Freides ëm 18.00 Auer Knergottesdénsgcht

An de Schoulvakanzen si keng Knergottesdénsgchter

D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **30.06. - 07.07.23**

...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul èt du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates:

30.06. - 07.07.23

Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher
Den Date ass eng Virbereedung op d'Firmung!

Déi nächst Treffte zu Iechternach 19.00 Auer an der Basilika:
13.06. - 27.06. - 04.07.23

Publications de Mariage

Publicaciones matrimoniales (c. 1067) à Region Echternach St Willibrord

- **Christophe Audenaerde et Claudia Gonçalves Bessa**
Date et lieu du mariage religieux : 25/07/2023 à Ribalonga (P)
- **Rui dos Santos et Joana Martins**
Date et lieu du mariage religieux : 10/08/2023 à Braga (P)
- **André Gomes dos Santos et Leonilde Isabel Ramos Cruz**
Date et lieu du mariage religieux : 13/08/2023 à Santa Maria da Feira (P)
- **Julien Martins et Clara Joséphine Bourdeau**
Date et lieu du mariage religieux : 09/09/2023 à La Garenne-Colombes (F)
- **Michel De Abreu Da Silva et Marie Pinart**
Date et lieu du mariage religieux : 30/09/2023 à Evreux (F)

Dat (Vir-) Lescht



TIM & LAURA www.WAGHUBINGER.de



ENGLISH BAROQUE

Concert de musique sacrée et profane
Händel, Pepusch, Purcell

Dimanche, **9.07.2023 / 17h00**

Eglise de Consdorf

Ensemble
AD LIBITUM

Gaëlle Vien

soprano

Jehanne Strepenne

violon

Beate Wins

viola da gamba

Rosch Mirkes

clavecin & orgue



Entrée libre
Quête pour l'entretien de l'orgue

Organisation:
Oeuvres St Barthélemy Consdorf